# Presskonferenz vun der AHL – 1. Oktober 2007
# Interventioun vum Fernand Kartheiser

(Et gëllt dat geschwaate Wuert)

Dir Dammen an dir Hären Vertrieder vun der Press,
Dir Dammen an Dir Hären Vertrieder vun den Ambassaden,

Et ass eng grouss Freed an Eier fir d'AHL fir Iech bei hirer éichter Presskonferenz däerfen häerzlech ze begréissen. Mir soen Iech Merci fir Aer Präsenz an Aeren Interessi un der AHL.

Mir soen och dem Hôtel Alfa villmols Merci fir eis seng Lokalitéiten fir dëss Geleënheet zur Verfügung ze stellen.

Erlaabt mer, Iech fir d'éicht déi Häre viirzestellen, déi am Kader vun deser Presskonferenz waerten d'Wuert ergräifen:

- den Här Romain SCHROEDER vun der AHL wäert Iech elo gläich e puer juristesch Problämer presentéieren, vun dene mir mengen, dat sie sollten an der Oeffentlechkeet méi bekannt sin. Et gett

Mëssstänn an der Justiz, mat denen mir eis net kennen a wellen offannen.

- Den Här Rechtsanwalt THEISEN ass haut extra aus Cochem an Däitschland bei eis komm, fir Iech an eis besonnesch iwert ee vun dene juristesche Problämer ze schwëtzen, nämlech déi automatesch Unerkennung vun auslänneschen, och däitsche Geriichtsuerteeler, duerch déi lëtzebuergesch Justiz. Herr Rechtsanwalt, wir heißen Sie in Luxemburg herzlich willkommen und freuen uns auf Ihre Ausführungen!

Dir Dammen an Dir Hären,

Zënter dat d'AHL existéiert huet sie betount, dat hire choix den vum politesche Dialog ass. Fir d'Suergen vun de Männer, de Pappen an de Bouwen am Land ze vertrieden, a vir gläichzäiteg fir ë staarke Rechtsstaat anzetrieden, wollten a welle mir bei der Regierung, der Chamber, der Justiz a bei de Parteien Gehéier fannen.

Verschiddener hun eis empfaang, aanerer hun eis leider bis elo ignoréiert. An eenzelne Punkten hu mer Versteesdemech fonnt, an aanere nach net. Wa mir haut e Bilan vun eisen éichten 18 Méint solle maachen, so ass dat den hei:

- d'AHL ass déi eenzeg Associatioun am Land déi sech konsequent fir d'Männer asetzt, ouni dobäi jemols géint d'Fraën opzetrieden. Mir sin houfreg op eis vill, weiblech Memberen a betounen eisen oppene an tolerante Geescht géint iwer jidferengem. Mir gin

dacks als „Männerlobby“ oder „- Gewerkschaft“ beschriwwen. Esou gudd wéi all Politiker am Land, sou gudd wé all politesch interesséierte Journalist an och emmer méi aaner Leit kennen d’AHL. Eise Site www.ahl.lu gouf a relativ kuerzer Zäit iwwer 8.400 mol besicht, dovun eleng 500 nei Visiteuren an där leschter Woch. Fir Lëtzebuerg ass dat e remarkabelt Resultat!

- Mir hun eis iwer eng Serie vun Deklaratiounen, elo schon eng breed programmatesch Basis gin. Vill vun eisen Declaratiounen concernéieren déi gescheete Pappen, aanerer méi allgemeng gesellschaftspolitesch Froen, wéi zum Beispill d’sexuell Belästegung, d’Quoten, d’Harmoniséierung vum eropäeschen Zivilrecht an d’Prostitutioun. Mir waerten a naechster Zukunft nach zu aanere wichtege Froen Stellung huelen, wéi zum Beispill d’Gewalt doheem.

Dir Dammen an Dir Hären,

Am Zivilrecht ass Lëtzebuerg géint iwer ville Nopeschlänner wäit hannendran, an zwar meeschtens zu Laaschten vun de Männer.

Am **Scheedungsrecht** verlaange mir eng Gläichbehandlung vun denen zwee Partner an Elterendeeler. Dat heescht an all Fall eng gemeinsam elterlech Autoritéit iwer d’Kanner, eng steierlech an och soss finanziell Gläichbehandlung vu Mamm a Papp

duerch de Staat, an d'Ofschaafen vun de perséinlechen Alimenter fir de gescheetene Partner. Soziale Noutfäll muss Rechnung gedroe gin. Selbstverständlech, muss och d'Eegentum vu jidferengem vun de Partner a vollem Emfank respektéiert ginn, besonnesch och am Wunnengsberäich.

D'Viirstellunge vun der Regierung si wäit vun eisen wech. Déi Iddi vun engem kompensatoresche Charakter vun den Alimenter ass inakzeptabel. D'Regierung sollt dee Projet, den sie der Chamber virgeluegt huet zreck zéien an e neien ausschaffen, den och den aktuellen Entwecklungen an eise Nopeschlänner a virun allem och an eiser eegener Gesellschaft Rechnung dréit. D'AHL ass bereed, fir u sou engem Projet matzeschaffen.

Mir verlaange vun der Regierung en **definitivt Enn vun hirer feministescher Politik, déi sech männerfeindlech auswierkt**. Mir erwaarden, dat sech dese Politikwiessel och um institutionnelle an um personnelle Plang däitlech an op eng glaawwierdeg Manéier weist.

Mir sin eis bewosst da et e Problem bei **de Pensiounen vu gescheetene Persoune** gett, déi keng eege Versecherungsperioden hun. De Splitting vun de Pensiounen ass awer dee falsche Wee fir dee Problem unzepaaken. D'AHL mengt, dat sollt iwer eege sozial Kontributiounen fir dee Partner diskutéiert gin, dee keen eegent Akommes huet. Wéi och beim Scheedungsrecht setzt d'AHL sech dofir an, Léisungen fir sozial Noutfäll ze fannen.

Mir maachen opmierksam op eis Positioun am Beräich vun der **Prostitutioun**, déi en Aféiere vum schwedesche Modell zu Lëtzebuerg ausschléisst a fir eng adäquat sozial Ofsecherung vun de Prostituéierten antrett.

Am Beräich vun der **Gewalt doheem**, fuerdert d'AHL d'Aféieren vun engem Modell den op dem „SAMU social" baséiert, wéi e besonnesch vum Roude Kräiz eng Zäit laang mat Erfolleg bedriwwe gouf. Am Ableck hu mir e rengt repressiv Polizeigesetz, dat méi Problèmer schaaft, wéi et der léist. Mir musse wech vun där ablécklecher Approche fir op méi e präventive Wee ze goen, den de Schutz vun den Affer garantéiert a gläichzäiteg de betraffene Familjen nach eng Chance gett. Mir waerten a nächster Zukunft nach méi genee op dess Fro agoen. Mir wessen, dat och vill Leit bei der Police an an der Justiz frou, waeren, wa mir kéinten op méi e verneftege Wee an desem Beräich goen.

Mir haette gär, dat eis Politiker net méi systematesch d'Gewalt mat de Männer associéieren an och mol gesin, verstinn an zougin, dat och vill Männer Schreckleches musse mat maachen. Mir wenschen eis also endlech eng differenzéiert an eng éierlech Diskussioun iwer d'Gewalt, déi iwwregens och net emmer kierperlech ass.

Mir erwaarden eis och en **Emdenken an der Justiz**. Mir acceptéieren net, dat d'Justiz, virun allem am Zivil an am Penalrecht, d'Männer weiderhin esou diskriminéiert wéi sie et bis elo mecht. Nemmen zwee Beispiller ënner

villen sin déi praktesch Stroffräiheet vun dene Mammen déi de Pappen hir Kanner net iwwerreechen wannn déi se welle besichen („Non-représentation d'enfant"), an déi Tatsach dat d'Mammen bal systematesch d'Garde vun de Kanner kréien an d'Pappen dobäi keng wierklech Rechter hun.

Mir mussen eis och Gedanken iwer **d'Modalitéiten an d'Héicht vun de Saisien op d'Salairen** maachen. Vill Männer hu praktesch näicht méi fir ze leiwen.

Dir Dammen an Dir Hären,

Am Juni 2009, si national, legislativ Wahlen a wuel gläichzäiteg och Europawahlen.

D'AHL huet vun Ufank u gesoot, dat wann sie hir Zieler net iwer den Dialog mat de Parteien erreecht, dat sie da muss an d'A faassen selwer mat als politesch Partei an d'Wahlen ze goen.

D'lescht Woch, de 25. September 2007 hun d'Memberen vun der AHL, an enger ausseruerdentlecher Generalversammlung, d'Statuten geënnert.

Op Virschlag vum Comité, sin d'Statuten esou amendéiert gin, dat d'AHL elo däerf a kann als politesch Partei mat an d'Wahle goen. Dofir geet vun elo un eng einfach Decisioun vum Comité duer. Dee Mandat ass ausseruerdentlech

staark, well et op der Generalversammlung nemmen eng eenzeg Géigestemm gouf.

Am März 2008, gëtt e neie Comité fir zwee Joer gewielt. Dee neie Comité muss dann d'Decisioun huelen, op d'AHL mat an d'Wahle geet oder net. Dee Comité den elo nach a Functioun ass. waert bis dohin alles maachen, fir eng efficace, also eng erfollegräich, Wahlbedeelegung vun der AHL viirzebereeden.

Fir där wichteger Decisioun net virzegräifen, appelléiere mir nach eng Kéier un all politesch Parteien hei am Land endlech op d'Suergen an d'Fuerderungen vun de Männer anzegoen. D'AHL ass zum Dialog bereed.

Sie ass sech hirer Verantwortung am politeschen a gesellschaftleche Liewen vum Land voll bewosst, a sie wäert hir Decisiounen emmer esou treffen dat sie hiren Opdrag erfellt a gläichzäiteg dat demokratescht, politescht Liewen an eisem Land beräichert. Bei all eisen Aktiounen hu mir de Wonsch, de Rechtsstaat ze staerken.

Mir gengen eis och wenschen, dat an der Diskussioun em d'Parteiefinanzéierung all déi nei oder méi kleng Parteien mat berücksichtegt gin. Et ass keng gudd Visitekaart vun der Lëtzebuerger Demokratie, dat déi am Parlament etabléiert Parteien sech zwar selwer Suen zougestinn, mee denen aaneren manner Chancen an der demokratescher Kompetitioun welle gin.

Virun allem wensche mir eis eng Politik déi den Interessien vun de Fraen, virun allem och vun de Kanner, an endlech och vun de Männer Rechnung dréit.

Dir Dammen an Dir Hären,

Selbstverständlech stin ech Iech herno zur Verfügung fir Iech op Aer Froen ze entwerten.

Elo well ech awer dem Här Romain Schroeder vun der AHL-Zentrum d'Wuert gin, den Iech e puer juristesch Froen presentéiert, déi eis am Ableck besonnesch vill Suerge maachen.

Ech soen Iech Merci fir Aer Gedold a gin dem Haer Romain Schroeder d'Wuert.